

Lëtzebuerg, de 24. Februar 2021

Monsieur Fernand ETGEN  
Président de la Chambre des Députés  
LUXEMBOURG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit,  
bieden ech Iech dës parlamentaresch Fro un d'Madamm  
Inneministesch an d'Madamm Kulturministesch weiderzeleeden:

*„An engem rezenten Interview op RTL huet d'Madamm  
Inneministesch eng Lëscht an d'Kamera gehalen, op där  
d'Gemengen der Rei no klasséiert gi wat hiren Engagement am  
Denkmalschutz ugeet. Dëse Ranking baséiert op de  
Recommandatioune vu Sites et monuments an der Unzuel vu  
Gebaier, déi vun de Gemengen tatsächlech an de PAGen agedroe  
sinn.*

*An deem Kontext wollt ech der Madamm Inneministesch an der  
Madamm Kulturministesch folgend Froe stellen:*

- 1. Wat sinn déi verschidde Kategorië vu Monumenter, déi an  
de Bebauungspläng klasséiert gi sinn? Gehéieren dozou  
och Dréchemauern, Skulpturen, Träch,  
Prëssiounskapellen, an aner Monumenter?*
- 2. Wéi gëtt den Engagement vun den eenzele  
Gemenge gemooss; no wéi enge Krittären ass dee  
Ranking, vun deem d'Madamm Inneministesch geschwat  
huet, opgestallt ginn?*
- 3. Wéi gesäit d'Sensibiliséierungsarbecht vun der  
Regierung a Saachen Denkmalschutz vis-à-vis vun de  
Gemengen aus? Gëtt et eng Zesummenaarbecht mam  
Syvicol a Form vun engem praktesche Guide mat  
Rotschléi a Proposen („Leitfaden“) fir d'Schäffen- a  
Gemengeréit?*

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu

Här President, ech soen Iech villmools Merci, datt dir dës Fro  
weiderleet a gréissen Iech héiflech.

André BAULER  
Deputéierten